## Sëlwerpabeier, ?
kann ech dee getrennt sammelen



**Jo!**

A verschiddene Recyclingszenteren. Soss am Reschtoffall. Am beschte verzichts du awer ganz op Sëlwerpabeier a notz Verpackunge mat enger méi laanger Liewensdauer.

## Parzeläin & Spigel, ?
kann ech déi am Glas-container entsuergen



**Nee!**

Nëmme Glasbehälter gehéieren an de Glascontainer. Parzeläin & Spigele kënnen am Recyclingszenter getrennt entsuergt ginn.

## Plastiktut & -folie, ?
kann ech déi getrennt sammelen



**Jo!**

Am Recyclingszenter, den RE-Boxen oder am gréngе Valorlux - Sak (wann disponibel). Am beschte verzichts du awer direkt ganz op Plastiktuten a -folien a notz Verpackunge mat enger méi laanger Liewensdauer.

## Kaffisbecher to go, ?
kann ech dee mam Pabeier & Kartong trennen



**Nee!**

Knaschtege Pabeier & Kartong kann net recycléiert ginn a muss an de Reschtoffall. Ausserdeem sinn dës Becheren oft mat Plastik versinn (Deckel, Beschichtung,...). Am beschten verzichts du ganz op Ewechpuchbecheren a notz Behälter mat enger laanger Liewensdauer.

## Knaschteg Behälter, ?
muss ech déi wäschen ier ech se trennen



**Nee!**

Behälter a Konserven kënne "läffelpropper" entsuergt, a musse net ausgespullt ginn. Di meescht Behälter kënne recycléiert ginn.

# Trennen ouni Trennungs-trauer? Maach et richteg! N°1

## Kaffisaz, ?
kann ech deen an den Offloss schëdden



**Nee!**

Kaffisaz gehéiert (ouni Plastik- oder Aluminium-Kapsel) an de Biooffall. Am beschte verzichts du direkt ganz op Kaffi-Kapselen! Generell sollt ee keng Iessensreschter, Ueleg oder Fetter an den Offloss schëdden. Dës kënnen den Offloss verstoppen a Schied an der Kläranlag urichte bzw. d'Ofwaasser onnéideg belaaschten.

## Enveloppefënster, ?
däerfen déi mat an de Pabeier- & Kartongscontainer



**Jo!**

Et kann een se ausschneiden an am Reschtoffall entsuergen, et ass awer kee Muss.

## Metalldeckel a Korkstëpp, ?
kënnen déi mat an de Glascontainer



**Nee!**

Metalldeckel kënnen iwwert de bloe Valorlux-Sak getrennt entsuergt ginn. Déi meescht Recyclingszenter hunn eng Sammelstatioun fir Korkstëpp.

## Fotoen, ?
kann ech déi am Pabeier- & Kartongscontainer entsuergen



**Nee!**

Fotoe kann een net recycléieren. Se mussen am Reschtoffall entsuergt ginn. Dat nämmlecht gëllt fir beschichten a plastifizéierten Pabeier.

## Etiketten op Glasbehälter, ?
däerfen déi mat an de Glascontainer



**Jo!**

Et kann een se erof huelen, et ass awer kee Muss.


**Editeur**
www.ebl.lu
info@ebl.lu
(+352) 247 86831
Ebl

**An Zusammenarbecht mat**
Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg – Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable – Administration de l'environnement
SDK SuperDrecksKëscht
ecotrel association sans but lucratif
VALORLUX Ensemble, en route vers un monde durable

**Publizéiert vun**
Gemeng Bartreng
Commune de BERTRANGE

KlimaPakt European Energy Award